

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 8. August 2022

Här President,

esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madammen Integratiounsminister, Banneminister, Gesondheitsminister a Justizminister weiderzeleeden.

De Burkini, also eng Burka fir ze schwammen, ass ee kontrovers Thema zu Lëtzebuerg, wéi och an aneren europäesche Länner. Mat der Schwammsaison gëtt dat Thema ëmmer op en Neits diskutéiert, an dobäi kommen ënnerschiddlech Perzeptiounen zum Ausdrock: fir déi eng Leit erlaabt et de Burkini muslimesche Fraen, trotz strenge reliéise Virschreften, an d'Schwemm ze goen an doduerch eppes fir hir Gesondheet ze maachen. Fir déi aner ass de Burkini een Ausdrock vun Ënnerdréckung, feelplatzéiert an enger oppener Gesellschaft. Zu Lëtzebuerg ass d'Droe vun engem Burkini gesetzlech weder verbueden nach erlaabt. Déi staatlech Instanze verweisen dohier op Nofro hi grondsätzlech op d'Responsabilitéit vun de Gemengen.

D'Gemenge selwer sinn awer dacks iwwerfuert, wat den Ëmgank mat dësem Kleedungsstéck ugeet. Eis ass ee Fall aus enger Gemeng am Osten (Gréiwemaacher) zu Ouere komm, wou anscheinend säit e puer Wochen de Burkini an der ëffentlecher Schwemm zougelooss ass, obschonn d'Reglement, dat an der Schwemm aushänkt, festleet: *“Le port d'un maillot de bain conforme aux bonnes moeurs est obligatoire. Pour des raisons d'hygiène, le port de shorts ou bermudas jusqu'aux genous est interdit. Il relève de la compétence des maîtres-nageurs de juger si le maillot de bain est conforme ou non.”*

An dësem Kontext hunn ech folgend Froen un d'Madamme Minister:

- 1) Wéi stinn d'Madamme Minister zur Tatsaach, datt hei am Land – well et a Saache Burkini keng national Reglementatioun gëtt an och d'Gemenge selwer sech an dësem Dossier dacks wëllen eraushalen – d'Schwammeeschteren a leschter Instanz decidéiere kënnen a sollen, wéi mat engem reliéise Symbol vu grousser gesellschaftlecher Brisanz – well dat ass de Burkini – ëmzegoen ass?
- 2) A Frankräich huet viru Kuerzem de Conseil d'Etat eng Entscheidung vum Stadrot vu Grenoble gekippt, de Burkini – wéi och d'Wechloosse vun engem Kleedungsstéck – beim Schwammen ze erlaben. Dat iewescht franséischt Verwaltungsgeriicht huet dës Decisioun domat begrënnt, d'Entscheidung vum Stadrot vu Grenoble hätt d'Zil gehat, reliéis Fuerderungen ze erfëllen, an hätt domat de Prinzip vun der Neutralitéit vum ëffentlechen Déngscht verletzt. Ass d'Regierung och der Meenung, wéi de franséische

Staatsrot, datt d'Erlabe vum Burkini am öffentleche Raum eng Konzessioun u radikal reliéis Fuerderunge vun enger Minoritéit duerstellt an net mat der Iddi vun Trennung vu Kierch a Staat kompatibel ass?

- 3) Ass d'Regierung der Meenung, datt d'Erlabe vum Burkini bei gläichzäitegem Verbuet vu Shorten an "normaler" Ganzkierperbekleedung an de Schwemme keng Form vun Diskriminierung géint Leit duerstellt, déi aus wéi enge Grënn och ëmmer laang Schwammboxen undoe wëllen?
- 4) Wat d'Sécherheet vun de Schwammgäscht, an éischer Linn vun de muslimesche Fraen, déi ee Burkini droen, ugeet, ass et eng Tatsaach, datt et mat enger Ganzkierperbekleedung méi schwéier ass ze schwammen an datt et am Erdréckungsfall och méi schwéier ass, déi betreffend Persoun ze retten. Derbäi kënnt, datt ee Burkini un e Schleier gekoppelt ass, deen sech am Noutfall verfänke kann. Ass d'Regierung opgrond vun dese Sécherheitsrisiken, déi mat engem Burkini verbonne sinn, net der Meenung, datt de Staat hei seng Verantwortung iwwehuele misst an de Burkini verbidde sollt?
- 5) Am Reglement vun der uewe mentionéierter öffentlecher Schwemm heescht et: *"L'accès n'est pas permis aux personnes ayant une maladie transmissible pouvant constituer un danger pour la santé des autres usagers."* Kënnen d'Madamme Minister erklären, wéi ee Schwammmeeschter gesi kann, ob eng Fra, déi ee Burkini unhuet, aus hygieneschen oder gesondheetleche Grënn vum Schwamme misst ausgeschloss ginn?

Mat déiwem Respekt,



Fernand Kartheiser,
Deputéierten